ALTERNATIV DEMOKRATESCH
REFORMPARTEI
Groupe parlementaire

Här Fernand Etgen
President vun der Deputéiertechamber
19, um Krautmaart
L-1728 Lëtzebuerg

Lëtzebuerg, den 2. Mäerz 2020

Här President,

sou wéi d'Chambersreglement et virgesäit, bieden ech Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Policeminister weiderzeleeden.

Et ass mir zu Ouere komm, datt verschidde Membere vun der Generalinspektioun vun der Police constatéiert hätten, datt verschidde Formatiounen, déi si als fréier Membere vun der groussherzoglecher Gendarmerie gemaach hunn, net an hirem perséinlechen Dossier renseignéiert wären. Dëst kéint negativ Konsequenzen op de Verlaf vun hirer Karriär hunn.

Dowéinst wollt ech dem Här Minister fir déi bannenzeg Sécherheet dës Froe stellen:

1. Kann den Här Minister confirméieren, datt a verschiddene Personaldossieren Donnéeën iwwer fréier Formatiounen an der Gendarmerie feelen? Wéi vill Membere vun där aktueller Police, respektiv vun där aktueller Generalinspektioun vun der Police, sinn dovu betraff?
2. Wann den Här Minister dee Mëssstand sollt kënne confirméieren, wat sinn da senger Meenung no d'Ursaache vun där Situatioun?
3. Wéi eng Inzidenzen op d'Karriär vun deene betraffene Leit kéint dës Situatioun hunn?
4. Wat wëll den Här Minister, wann néideg, ënnerhuelen, fir déi Donnéeën nees ze retabléieren, respektiv fir ze verhënneren, datt lacunär Dossiere kéinten negativ Effekter op de Verlaf vun der Karriär vun deene betraffene Polizisten hunn?

Mat déiwem Respekt,

Fernand Kartheiser
Deputéierten